gov tech lab

open data series

# Hackathon
## Open Data x Democracy in Action

Vum 5. bis de 6. Juni 2025 am GovTech Lab



data.public.lu

Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

gov tech lab

# Hackathon Open Data x **Democracy in Action**: Zwee Deeg voller Exploratioun, Kreativitéit an Impakt am GovTech Lab

Den *Hackathon Open Data x Democracy in Action* dee vum **GovTech Lab** a Kollaboratioun mam Informatiouns- a Pressedéngscht (SIP) an der Chamber organiséiert gëtt, ass de Rendez-vous fir déi Virwëtzeg, déi Kreativ an déi Passionéiert vum Open Data.

D'Chamber üübt déi legislativ Muecht fir de Grand-Duché aus a si ass sech hirer Transparenzpflicht ganz bewosst.
Déi parlamentaresch Aarbecht muss fir sou vill Leit wéi méiglech zougänglech sinn. An deem Sënn publizéiert d'Chamber zanter e puer Joer ëmmer méi, méi räich a komplett "Open Data" Donnéeën.

Dësen Hackathon, deen vum GovTech Lab an dem SIP organiséiert ass, ass eng Geleeënheet fir dës Approche an d'Praxis ëmzesetzen an ze promoten.

## Wéini? Vum 5. bis de 6. Juni 2025 am GovTech Lab.

**Firwat matmaachen?**
**- Multidisziplinär Kollaboratioun:** Schléisst Iech enger villfälteger Communautéit vun Talenter un: Data Scientists, Software Entwéckler, UX Designer, Chefs de projet, Datejournalisten, Business Analysten a vill anerer. Zesummen entdecke mir Donnéeë vun der Chamber.



**- Innovatioun am Déngscht vun der Demokratie an Aktioun:** Transforméiert Datesätz vun der Chamber an innovativ Toolen! Stellt konkret Léisunge vir, déi d'Atoute vun den oppen Donnéeën ervirhiewen, wéi Datenvisualiséierungen, AI Tools, asw.

**- Netzwierker a Méiglechkeeten:** Trefft Experten, tauscht Iddien aus a schaaft dauerhaft Relatioune mat Professionellen aus dem Secteur.

**Wie ka matmaachen?**
Jiddereen! Egal ob als eenzel Persoun oder als Grupp vu 4 bis 6 Leit, mir invitéieren Iech, un dësem Hackathon deelzehuelen. Dir kënnt Ären eegene Grupp bilden oder engem bestoende Grupp bäitrieden.

Zéckt net, Iech unzemellen an dëst Evenement mat Ärem Netzwierk ze deelen. D'Plazen si limitéiert, dofir waart net ze laang!

Mellt Iech elo iwwer <u>dëse Link</u> un.
Fir Gruppen, mellt w.e.g. all Participant individuell un.



# Agenda

// Dag **1**

**9h00 - 09h30 :** Arrivée vun de Participanten

**9h30 - 10h00 :** Oflaf vum Hackathon & Opstellung vun de Gruppen

**10h00 - 10h40 :** Presentatioun vun den Datesätz

**10h40 - 13h00 :** Hacking

**13h00 - 14h00 :** Mëttegiessen

**14h00 - 20h00 :** Hacking (mat Owesiesse géint 19:00)

---

// Dag **2**

**8h00 - 09h00 :** Arrivée vun de Participanten

**9h00 - 13h00 :** Hacking

**13h00 - 14h00 :** Mëttegiessen

**14h00 - 16h00 :** Hacking & Virbereedung vun de Pitches

**16h00 - 17h00 :** Pitching sessions

**17h00 - 19h00 :** Networking & drinks